VISIT GUTTLAND | LEADER WËLLE WESTEN ZENTRUM WESTEN | LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Cofinancé par l'Union européenne

[1] Pendant la phase LEADER du projet, nous recherchons des souvenirs ayant un lien avec les communes suivantes : Beckerich, Bissen, Ell, Garnich, Grosbous-Wahl, Habscht, Helperknapp, Kehlen, Koerich, Mamer, Mertzig, Mersch, Préizerdaul, Rambrouch, Redange, Saeul, Steinfort & Useldange [2] LEADER est un programme de financement européen sous la direction du Ministère de l'Agriculture.

GEMENG PRÉIZERDAUL

KANTON REIDEN ENVIRONNEMENT




# Solarsimulator: Optimieren Sie Ihren PV-Eigenverbrauch durch eine gute Planung

Eigenen Strom zu erzeugen, ist für viele Haushalte gerade in der aktuellen Energiesituation zunehmend interessant. Um Sie dabei zu unterstützen, unabhängiger zu werden und Ihre Solaranlage richtig zu planen, wurde der Solarsimulator entwickelt.

Denn die **richtige Dimensionierung** in Verbindung mit anderen Dekarbonisierungsmaßnahmen (wie z. B. eine Wärmepumpe oder Elektromobilität) ist entscheidend, um das Potenzial einer Photovoltaikanlage optimal zu nutzen. Eine zu kleine Anlage begrenzt die möglichen Einsparungen, während eine überdimensionierte Anlage die Einspeisung ins Netz erhöht und die Rentabilität Ihrer Investition reduziert. Dieses Gleichgewicht ist umso wichtiger, da im neuen Klimabonus-Förderregime die Beihilfe an die installierte Leistung gekoppelt ist und ab 15 $kW_p$ auf 10.000 € begrenzt wird.

Bevor Sie starten, sollten einige grundlegende Fragen geklärt werden:

- Welche Leistung ist sinnvoll?
- Soll die gesamte Dachfläche genutzt werden?
- Ist eine Batterie relevant?
- Welchen Grad an Energieunabhängigkeit kann man erreichen?

Der **neue Solarsimulator** von Klima-Agence ermöglicht es, diese Fragen individuell und interaktiv zu untersuchen. Er simuliert das Zusammenspiel zwischen den wichtigsten Stromverbrauchern und einer Photovoltaikanlage – mit oder ohne Batterie.

Das Ziel ist klar: eine **stimmige Konfiguration zu identifizieren, die zu Ihrem Stromverbrauchsprofil sowie zu Ihren aktuellen oder zukünftigen Nutzungen passt** – etwa bei der Integration einer Wärmepumpe oder eines Elektrofahrzeugs.

Das Tool liefert eine fundierte Grundlage für die Dimensionierung eines Solarprojekts. Es ersetzt keine detaillierte technische Studie, hilft jedoch, Größenordnungen zu verstehen, die Auswirkungen technischer Entscheidungen zu erkennen und Optimierungspotenziale sichtbar zu machen.

Der Ablauf ist klar strukturiert und intuitiv:

- **Basisdaten** – Adresse des Gebäudes zur Abschätzung des Dachpotenzials sowie Angaben zum Verbrauchsprofil;
- **Photovoltaikanlage** – Vorschläge für mögliche und empfohlene Leistungen, mit Anpassungsmöglichkeiten;
- **Komponenten** und Parameter – Integration einer Batterie, technischer Anlagen (Heizung, Warmwasser, Lüftung), Elektromobilität sowie wirtschaftlicher Parameter wie Fördermodus, Strompreis und geschätzte Gesamtkosten.

Während der gesamten Simulation werden die Ergebnisse in Echtzeit aktualisiert: Rentabilität, Eigenversorgungsgrad und Einspeiseanteil ins Netz. So können verschiedene Szenarien getestet und verglichen werden, um die passendsten Optionen zu identifizieren. Am Ende erhalten Sie eine detaillierte Übersicht mit Grafiken und Empfehlungen.

Indem mehrere Konfigurationen durchgespielt werden können, unterstützt der Simulator eine fundierte Entscheidungsfindung vor jeder Investition.

Entdecken Sie den Solarsimulator:
**solar.klima-agence.lu/de**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige und kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 28 33 44


A. F. V. A.
STAGE DE
FOOTBALL
D'ÉTÉ
DATE
3 AU 7
AOÛT
CATÉGORIE D'ÂGE:
7 à 16 ans
ADMISSION 250 €
STADE EMILE SCHLESSER
BETTBORN
Inscription par QR-Code et virement bancaire
Code BIC: BCEELULL
Code IBAN: LU30 0019 5155 5973 7000
Pour plus d'informations: + 352 621 286 754 ou egidethill@pt.lu

# Fir proppert Waasser

An de nächsten Editioune stelle mir iech verschidde Beiträg vir, an deenen d'Equipe vun der Infostuff unhand vun hiren eegenen Erfarungen erzielt, wat een alles am Alldag maache kann, fir d'Waasser ze schützen. D'Infostuff ass eng Platz, wou dir iech zu den Themen Energie, Waasser an Ëmwelt informéiere kënnt. Si huet hire Büro zu Réiden an der Groussgaass a gëtt gefouert vun de Servicer vum Réidener Kanton, dem Leader Wëlle Westen an der Asbl Maison de l'Eau de l'Attert.

## Waat maachen ëch fir proppert Waasser ?

***Ech notze Reewaasser, well all Liter Drénkwaasser, deen net verknascht gëtt, hëlleft, eis Drénkwaasserressourcen ze schützen.***



Patrice Verscheure
huet vun 2001-Juni 2026 an der Asbl Maison de l'Eau zu Réiden geschafft an war do zoustänneg fir de Beräich Informatioun/Sensibilisatioun
.

Virun 9 Joer hunn ech engt Haus kaaft an am Zuch vun de Renovéierungsaarbechten nodréiglech eng Reewaasseranlag installéiere gelooss. Eng vun deenen 1. Saachen, déi ech gemaach hunn, war déi al Masuttsheizung duerch een neien Heizsystem ze ersetzen an de Mazoutstank ze entsuergen. Op der Platz vum Mazoutstank steet elo ee Reewaassertank vun 4000 l am Heizungskeller. E besteet aus 2 schmuele Konschtstoff-Tanken, esou dat e gutt duerch d'Diere gepasst huet.

Et gi verschidde Filtersystemer fir d'Reewaasser am Tank propper ze halen. Ech hunn zwee Filtersystemer ausprobéiert a sinn mat dem aktuelle Filter ganz zefridden. En ass am Kullang agebaut an e brauch kaum Entretien.

Mir hunn dëse Filtersystem och bei eis an der Infostuff am Ausstellungsbereich opgestallt.



## Waat maachen ëch fir proppert Waasser ?

**Mäin naturnoe Gaart, brauch weeder genat nach gedüngt ze ginn.**



Pierre JAAQUES
schafft säit 2015 an der Asbl Maison de l'Eau ze Réiden an ass do zoustänneg fir all déi technesch Projeten



Mäi Gaart ass een **naturnoe Gaart**, deen den eenheemesche Planzen an Déieren ee Maximum u Plaz bitt. Ech hun eng ganz Rei u Liewensräim ugeluecht, wéi Drëschemaueren, Blummewisen, Steekéip, Holzkéip, Staudebeeter, asw.

A menge **Staudebeeter** hunn ech virun allem eenheemesch Planzen, déi gudd fir eis Bestëbser sinn an och gudd mat eisem Klima eens ginn. Mat Ausnam vun deem éischte Joer, wou geplanzt gëtt brauch ee bei esou Planzen och bal ni ze nätzen. Dës Stauden brauchen och keen Dünger an hëllefen esou eist Grondwaasser propper ze halen.

Déi Deeler vu mengem Naturgaart déi mat **Wues** bedeckt sinn, ginn ni genat well de Wues och mat Dréchenzäiten gutt eens gëtt. Wichteg ass, dat en ni ze kuerz geméint gëtt. An op Dünger kann een och hei ouni Probleem verzichten.

Maison de l'Eau de l'Attert asbl
43, Grand-rue
L-8510 Redange
Tel. 26 62 08 08

# Collectes sélectives des PMC

# Bilan 2025

Commune de Préizerdaul

## 1. Données générales

| | |
|---|---|
| Situation au 01.01.2025 | 681.973 habitants participants (STATEC au 01.01.2025) |
| Rendement moyen | 22,2 kg PMC/habitant/an |
| Rendements extrêmes | 16,8 à 38,3 kg PMC/habitant/an |
| Quantités collectées | 15.171,03 tonnes (avec sacs PMC) |

## 2. Composition des PMC triés

| **Matériau d'emballage** | **Composition [%]** |
|---|---|
| Matières plastiques | 65,8 |
| Métal | 13,7 |
| Cartons à boissons | 8,1 |
| Résidus de tri | 12,4 |
| **Total** | **100** |

## 3. Données individuelles

| | |
|---|---|
| Situation au 01.01.2025 | 1.834 habitants (STATEC au 01.01.2025) |
| Rendement commune | 24,4 kg PMC/habitant/an |
| Quantité PMC collectée | 44,68 tonnes |

## Le recyclage des déchets d'emballages en 2025

VALORLUX collecte certains déchets d'emballages en porte-à-porte par des sacs bleus. A l'issue du tri du contenu des sacs bleus, les matériaux de ces déchets sont confiés à des régénérateurs ou recycleurs fiables qui sont des sociétés luxembourgeoises ou étrangères.

| Matériaux | | Recycleurs / Régénérateurs | Produits | Applications |
|---|---|---|---|---|
| **P (Plastiques)** | PET incolore/bleuté | FILAO, Charleroi (BE)<br>Plastikpak Packing, Sainte-Marie-La-Blanche (FR)<br>Wellman France Recyclage, Verdun (FR) | Granulés PET<br>Fibres textiles<br>Films alimentaires | Bouteilles pour boissons<br>Barquettes<br>Chaussettes, rembourrages pour vestes<br>Echarpes, couvertures<br>Sièges, isolations et tapis pour voitures<br>Filtres industriels et domestiques<br>Tapis |
| | PET vert/bleu foncé | Morssinkhof Plastics Zeewolde B.V., Zeewolde (NL)<br>MOPET Belgium, Neufchâteau (BE) | | |
| | PET coloré | | | |
| | Barquettes PET | Cirrec Netherlands B.V., Duiven (NL)<br>Sulayr Sorting & Recycling S.L., Granada (ES) | Paillettes et granulés PET | Barquettes alimentaires |
| | | Lamesch, Bettembourg (LU) | « Fluff », riche en énergie | Combustible de substitution dans la production de clinker |
| | PP | Paprec Plastiques 71, La Loyère (FR)<br>Van Werven Belgie NV, Lanaken (BE) | Granulés en PP | Emballages en PP<br>Autres objets en PP (tuyaux, pots de fleurs, …) |
| | PS | Vogt-Plastic GmbH, Premnitz (DE) | Granulés en PS | Objets en PS (Caisses pliables, cintres, ….) |
| | PEHD | Paprec Plastiques 71, La Loyère (FR) | Granulés PEHD | Emballages (flacons, boîtes, films, ...)<br>Autres objets en PEHD (tuyaux) |
| | PE films | AFA Nord & TM Recycling, Hohenwestedt (DE)<br>Eurec Hermeskeil, Hermeskeil (DE)<br>Vogt-Plastic GmbH, Rickenbach (DE) | Agglomérats | Pièces pour industrie automobile |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **M (Métaux)** | Acier | Arcelor Mittal Recycling, Esch-Belval (LU)<br>Ecore Belgium, Aubange (BE) | Profilés, tôles, barres | Carrosseries, poutres, rails<br>Emballages, jouets<br>Pièces métalliques |
| | Aluminium | HKS Belgium N.V., Geel (BE)<br>BNE Trading & Recycling, Pelt (BE) | Lingots | Cannettes pour boissons<br>Jantes, pièces formées, raviers |
| | Aluminium fine | Alunova Recycling GmbH, Bad Säckingen (DE) | Lingots | Poudres et pâtes métalliques<br>Auxiliaires de fonderie, garnitures de frein/embrayage |
| **C (Cartons à boissons)** | Cartons à boissons | Papierfabrik Niederauer Mühle, Kreuzau (DE) | Papier, PE et aluminium | Papier bureau, carton, emballages<br>Pièces formées |
| *Résidus de tri* | *Résidus de tri* | Lamesch, Bettembourg (LU) | « *Fluff* », riche en énergie | Combustible de substitution dans la production de clinker |

L'objectif de VALORLUX est de garantir ainsi le recyclage de qualité des déchets d'emballages collectés.

BE
THE
CHANGE

Valorlux ASBL
Organisme agréé

1, bd du Jazz
L-4370 Esch-sur-Alzette

TVA LU 166 837 51 - BGLL LULL
LU11 0030 7221 3201 0000

valorlux.lu

Un petit pas pour moi Un grand pas pour l'environnement

# SOLS VIVANTS

**Je couvre la terre toute l'année avec des plantes ou du paillage naturel.**

Une terre couverte reste fraîche, protégée et pleine de vie.

**Je transforme mes déchets de cuisine en compost pour la terre.**

Les restes organiques nourrissent les petites bêtes du sol.

**Je choisis des mélanges variés de fleurs sauvages et de plantes locales.**

Elles attirent la vie tout autour… et jusque sous la terre.

**Je n'utilise pas de pesticides ni d'autres produits toxiques.**

Ces produits tuent les animaux et les champignons qui font vivre le sol.

**Je plante des légumineuses: pois, fèves, trèfle…**

Elles fixent l'azote et améliorent la fertilité du sol, sans engrais chimiques.

**Je laisse les feuilles mortes là où elles tombent.**

Elles protègent le sol, l'humidifient, et deviennent de la nourriture naturelle.

**Je reste sur les sentiers quand je me promène dans la nature.**

Le sol a besoin de respirer, comme moi. Je ne le tasse pas !

**Je tonds moins souvent et/ou je laisse des coins devenir 'sauvages'.**

Une herbe plus haute protège la vie et le sol… et maintient l'humidité.

**Je respecte la terre en la gardant propre. Pas un déchet sur le sol!**

Le sol n'est pas une poubelle, c'est un monde vivant à protéger.

Plus sur le sujet ! → www.klengschrett.lu

Editeur:
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu
EbL

Partenaire:
Administration de l'environnement
Grand-Duché de Luxembourg

Gemeng Préizerdaul

# Wéi kënne mir de Buedem schützen a lieweg halen?



## Manner cheemesch Produiten notzen

Manner Gëft = méi Reewierm, méi Pilzen, méi Fruchtbarkeet.



## De Buedem bedeckt halen

... mat Planzen oder Mulch, dat ganzt Joer iwwer, fir de Buedem ze fidderen an ze schützen.



## Hecken a Beem planzen

Hir Wuerzelen halen de Buedem zesummen a verhënneren d'Erosioun — och bei staarkem Reen.




## Op seng Schrëtt oppassen

De Passage vu Leit a schwéiere Maschinne limitéieren, fir datt de Buedem ootme kann.



## De Buedem ootme loossen

Permeabel Fläche loosse Waasser duerch an d'Liewen zirkuléieren... amplaz et ënner Bëton ze erstécken.



EbL

Administration de l'environnement
Grand-Duché de Luxembourg

Gemeng Preizerdaul

klengschrett.lu



Heu-
börse
hee.lu
Mehr dazu
auf hee.lu
Die Heubörse für Luxemburg
Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere & unterstützen Sie regionale Heuanbieter!



Service
de **médiation**
scolaire

**Elteren, Jonker, Enseignanten**

# Kannerrechter respektéieren, an der Schoul an am Alldag!



Hutt dir **Problemer bei der Kommunikatioun** mat der Schoul, dem Lycée oder engem Service vum Ministère fir Educatioun? Hutt dir d'Gefill, dass dir si **net selwer léise kënnt**?

De **Service de médiation scolaire** ass do, fir iech ze hëllefen, besonnesch an 3 Fäll hëllefen, de **Schoul-Ofbroch**, d'**Inklusioun** an d'**Integratioun**.

## Ee Service fir Iech

Service de médiation scolaire
Tél.: (+352) 247 – 65280
contact@mediationscolaire.lu
mediationscolaire.lu




Ombudsman
okaju
fir Kanner a Jugendlecher

# Déi selwecht Rechter fir all Kand a Jugendlechen !

Den **Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher** setzt sech fir d'Rechter vu Kanner a Jugendlecher an. Dës Rechter enthalen zum Beispill d'Recht drop, ugehéiert a bedelegt, respektéiert a geschützt ze ginn, sou**wéi an engem sécheren Ëmfeld op**zewuessen.

Dir sidd Kand oder Teenager.in, Elterendeel, Enseignant.e oder Intervenant.e bei Kanner, Elterevertrieder.in an dir hutt d'Gefill, datt esou e Recht net respektéiert gëtt?

## Mir si fir dech do!

Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher
Défenseur des droits de l'enfant

65, route d'Arlon - L-1140 Luxembourg
contact@okaju.lu 28 37 36 35
www.okaju.lu - www.kannerrechter.lu

# Feelersichbild


**Op dem Bild ënnen hu sech 8 Feeler ageschlach, kanns du se entdecken?**





**D'Opléisung fënns du op der Säit 79**


# **Kreuzworträtsel** (auf Deutsch)



**Lösungswort**

| | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 | 11 | 12 |

**Die Lösung findest du auf Seite 79**



# Summer Gewënnspill

Hei ënnen drënner fannt dir 6 Fotoe mat No-Opname vu Plazen / Géigestänn aus der Gemeng.

Maacht eng Foto vun der ganzer Plaz / Saach a schreift kuerz wou een se fënnt (Strooss, Numm,...)

- Matmaache kënnen all Kanner déi an der Gemeng Préizerdaul wunnen an tëschent 6 an 13 Joer al sinn.
- Schéckt eis Är Fotoen mat der Beschreiwung per E-Mail op **buet@preizerdaul.lu** bis **Freides, den 28. August 2026** abegraff. Vergiesst net ären Numm a Virnumm, Gebuertsdatum an Adress.
- Ënner all deenen déi matmaachen an eis déi richteg Léisungen era schécken verlouse mir 3 Iwwerraschungs-Päck gesponsert vun der Réidener Schwämm. D'Gewënner gi per E-Mail kontaktéiert.
- D'Opléisung kënnt an déi nächst „Préizerdauler Noriichten".

Vill Gléck!



1



2



3



4




5



6

# Concours d’été

Sur cette page, vous trouverez 6 photos avec des gros plans de lieux / objets de la commune.

Prenez une photo du lieu ou objet entier et indiquez brièvement où il se trouve (rue, nom, ...).

- Tous les enfants habitant dans la commune Préizerdaul et âgés de 6 à 13 ans peuvent participer.

- Envoyez-nous vos photos avec la description par e-mail à **buet@preizerdaul.lu** jusqu’au **vendredi, le 28 août 2026** inclus. N’oubliez pas d’indiquer votre nom et prénom, votre date de naissance et votre adresse.

- Parmi tous les participants qui nous enverront les bonnes réponses, nous tirerons au sort 3 paquets-surprises sponsorisés par la « Réidener Schwämm ». Les gagnants seront contactés par e-mail.

- La solution paraîtra dans les prochains « Préizerdauler Noriichten ».

Bonne chance !



1



2



3



4




5



6

# Een Don fir d’Wonschkutsch

De 15 Abrëll krut Maison Relais Préizerdaul Besuch vun der Wonschkutsch. Bei dëser flotter Geleeënheet gouf der Organisatioun en Don vun 800 euros iwwerreecht.

D’Kanner haten d’Méiglechkeet, méi iwwert d’Aarbecht vun der Wonschkutsch gewuer ze ginn. Sie kruten erkläert, wat d’Wonschkutsch ass a wéi si Mënschen hëlleft. Besonnesch spannend war och d’Besichtegung vun der Ambulanz, wou d’Kanner vill nei Andréck sammele konnten an interesséiert Froe gestallt hunn.



Wonschkutsch.lu

Et war en interessanten an emotionale Moment fir d’Kanner an d’Equipe vun der Maison Relais, an eng schéin Erfarung, déi sécher nach laang an Erënnerung bleift.



# Fair Trade Kaffi
# 22.05.2026















# School For Bénin 05.06.2026

Duerffest fir de Gudden Zweck




















Simon
Simon



















































# Haaptpräis Intekurs




Bei der Inte Kurs, wou 1200 Inten un de Start gaange sinn war dem Gast Kuffer vu Platen seng Int déi Séierst.

Mir gratuléieren dem Gast a wënschen him 4 schéin Deeg an engem modernen Mobilhome fir 6 Persounen.

Dësen 1te Präis war gesponsert vum
**Camping Nommerlayen – Europacamping**

# Oktav 2026
# Sainte-Claire a Saint-Valentin







# Par ATERTDALL Sainte-Claire

## INFORMATIOUNEN AUS DER PAR

Sameschdig, de 4. Juli mueres um **7.00 Auer** zu Randschelt:
D'Par Aterdall Sainte-Claire an de „Gesank Nei Brasilien" invitéieren Iech ganz häerzlech op ee

**MOIESGEBIET UM MEDITATIOUNSWEE „RANDSCHLEIDER PAD"**
**dëst Joer ënnert dem Thema: „Mensch sein, hier und jetzt"**

*Zum Schluss vun der Wanderung invitéiert de Gesank Nei Brasilien op eng Taas Kaffi.*

## KATECHES FIR ÄER KANNER

Vun 3 bis 15 Joer, 4 Niveauen (je no Cycle an der Schoul), 3 Sproochen (Lëtzebuergesch, Portugisesch, Franséisch) Lieweg Reuniounen fir eng grouss Entdeckung vun der Schéinheet vum chrëschlichen Glawen. Virbereedung op d'Éischt Kommioun, d'Firmung...

**Aschreiwungen fir d'Kateches 2026-2027:** Umeldungen nëmmen per Mail: inscription.cate.attertdall@gmail.com
D'Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir um Site: https://web.cathol.lu/article6545

## LA CATÉCHÈSE POUR VOS ENFANTS

La paroisse Atertdall Sainte-Claire offre de nombreuses possibilités : différents groupes, à différents horaires, en différentes langues (luxembourgeois, portugais, français), pour que vous puissiez choisir ce qui convient le mieux à l'organisation de votre famille et aux besoins de vos enfants de tous âges. De 3 à 15 ans, 4 niveaux (selon le cycle scolaire), 3 langues (luxembourgeois, portugais, français).

**Inscription à la catéchèse 2026/2027 :** Inscriptions uniquement par mail: inscription.cate.attertdall@gmail.com
Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site: https://web.cathol.lu/article6545

## DIÖZESAN PILGERFAHRT OP BANNEUX – « Conduis nos pas au chemin de la paix »

**Daschdig, den 8. September 2026**

Umeldungen per Mail jjf@scj.lu oder 661 746 852 bis den 4. September 2026. Hudd dir eng Mobilité réduite a wëllt awer mat op Banneux pilgeren, da meld iech w.e.g. beim Marie Claire Rasqué um Tel : 23 62 07 20 oder um 621 618 855.

**La paroisse organise un bus de pèlerinage à BANNEUX, le 8 septembre 2026**

Infos & inscription par mail : jjf@scj.lu ou tél: 661 746 852 avant le 4 septembre 2026. Si vous avez une mobilité réduite ou êtes malade et vous voulez participer au pèlerinage, contactez s.v.p. Marie Claire Rasqué au tél : 23 62 07 20 ou 621 618 855.

**Centre paroissial :**
40, Grand'rue
L- 8510 Redange-Attert

Site: cathol.lu/atertdall

**Équipe pastorale :**
Père Jean-Jacques Flammang SCJ, curé-doyen
Tél. : 661 746 852 - jjf@scj.lu

Père Antoine Do SCJ, vicaire
Tél. : +33 695 24 33 19
antoine.do@cathol.lu

Père Jacques Bagnoud, subsidiaire,
jacques.bagnoud@cathol.lu

Père Vincent Billot, subsidiaire
vincent.billot@cathol.lu

**Secrétariat & commande messes :**
Michèle Asseray, secrétaire
Tél. : 23 62 10 53
atertdall@cathol.lu

**Kranken- & Altenpastoral :**
Marie Claire Rasqué
Tél. : 23 62 07 20 / 621 618 855

**Nout-Telefon Begriefnispastoral | Équipe de funérailles - urgences :**
Tél. : 621 686 102

**De Masseprogramm fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet**
https://web.cathol.lu/article8890

| | |
|---|---|
| 1 | Charles Reiser |
| 2, 3 | Jana Hoffmann |
| 4-9 | Charles Reiser |
| 10, 11 | Francine Reiser |
| 12 | Charles Reiser |
| 13-15 | Michèle Bellion |

An dëser Rubrik fann dir Fotoen déi eis Dauler Bierger erageschéckt hunn. De Schäfferot seet jidderengem Merci dee sech un dëser Aktioun bedeeligt. Dir kënnt eis och weider hin gäre Fotoen iwwer email op buet@preizerdaul.lu schécken.



1



2



3



4




5



6


7


8


9


10


11


12


13


14


15

Den Här Jos Bormann vu Reimberg, ass nieft sengem Engagement fir d'Haus Michel Lucius, och ee passionéierten Astronom an Hobby – Meteorolog respektiv Cloudspotter.

Hei eng Auswiel vu Fotoen, déi hien gemaach huet.

## Nébuleuse du crabe

Krebs- Nebel M1, Überrest der 1054 beobachteten Supernova, 6200 Lichtjahre entfernt (mit Teleskop Seastar S30 am 08.04. fotografiert, Belichtung 75 min).



## Whirlpool Galaxie

Whirpool-Galaxie M51 mit Begleiter NGC5195; 24,3 Mio Lichtjahre entfernt; der Strich in derAufnahme ist die Leuchtspur einer Sternschnuppe der Lyriden.

Aufnahme mit Teleskop Seestar S30 am 22.04.2026, Belichtung 58 min.







































**Opruff:**

Wann Dir och een Hobby hutt, dat Dir wëllt virstellen, da schéckt eis Är Fotoen an ee kuerzen Text op buet@preizerdaul.lu

# Generalversammlung FELUBA 19.03.2026













Den 19.03.2026 war fir d'alleréischt d'Generalversammlung vun der Badminton Federatioun am Préizerdaul. Den Dauler Fiederball hat sech spontan bereet erkläert, fir d'Organisatioun dëst Joer ze iwwerhuelen, souwéi fir de Catering ze suergen.

A kollegialer Atmosphär a bei 60 Leit déi deelgeholl haten, ass den Owend zudeem mat engem Éierewäin, offréiert vun der Préizerdauler Gemeng ofgeschloss ginn. Och hate mir déi grouss Éier, fir d'Madamm Ministesch Martine Hansen bei eis dierfen ze begréissen, souwéi de Präsident vum COSL, Michel Knepper.

Theo Ney, Präsident Dauler Fiederball asbl



# D'ONG „Komm Hëllef Mat Préizerdaul“ hält op




No iwwer 20 Joer huet d'ONG decidéiert hir Aktivitéiten anzestellen.

An der leschter Generalversammlung, de 26. Mäerz, ass e Réckbléck gemaach ginn op d'Joer 2025. D´Maureen Calmes-Zavalla huet eis e klenge Resumé gi vun all de Projeten déi eis ONG an deenen 20 Joer realiséiert huet, esouwuel am El Salvador wéi och am Burkina Faso.

Uschléissend huet d'Véronique Schmitz vun der ONG „Le Soleil dans la Main“ eis di Projeten am Burkina Faso virgestallt, déi vun der Gemeng Préizerdaul a vun eiser ONG ënnerstëtzt gi sinn.

No der Generalversammlung war dann eis „Assemblée générale extraordinaire“, wou mer eis offiziell opgeléist hunn.
D'Präsidentin huet erkläert wat déi Haaptgrënn fir dës Opléisung sinn.
Den El Salvador ass kee „pays cible“ méi vum Lëtzebuerger Staat an déi salvadorianesch Regierung mécht den auslänneschen ONGen et net einfach Projeten ze realiséieren.

Di kleng ONGen, wéi mir eng sinn, ginn och net wierklech vum Staat encouragéiert, well ee muss, esouwuel wat de Budget ugeet wéi och d´Projeten, konkreet Detailer e puer Joer am viraus erareechen.

Mam Rescht vun de Suen ënnerstëtze mer e Projet vu Le Soleil dans la Main fir Stroossekanner ze encadréieren.

Ofschléissend huet d'Gemeng nach e Patt offréiert fir eisen Abschid.

All deenen, déi eis iwwert di Joren ënnerstëtzt hunn, en häerzleche Merci, an dir kënnt sécher sinn, datt di Sue ville Leit e bessert Liewen erméiglecht hunn.



# Generalversammlung vum Supporterclub Marie Schreiber am Zeeche vun der Solidaritéit

Kierzlech huet de Supporterclub vun der Cyclistin Marie Schreiber seng alljärlech Generalversammlung ofgehalen.

De President Servais Antony konnt eng grouss Zuel u Memberen begréissen, wat nach eemol déi staark Begeeschterung fir de Veräin ënnerstrach huet. Ënnert de Gäscht waren och de Buergermeeschter Marc Gergen an de Schäffen Marc Rehlinger aus der Gemeng, déi mat hirer Präsenz hir Ënnerstëtzung gewisen hunn.

A senger Aféierung huet de President op déi vergaange Saison vum Marie zeréckgekuckt. Dës war net ëmmer einfach, well d'Sportlerin och mat gesondheetleche Réckschléi ze kämpfen hat. Trotzdeem konnt si staark Resultater erreechen: eng éischt Plaz, e puer weider Podiumsplazen an eng beandrockend 10. Plaz bei der Cyclocross-Weltmeeschterschaft zu Hulst. De Supporterclub huet d'Sportlerin am Laf vum Joer mat vill Engagement begleet an ënnerstëtzt, sief et op de Course selwer oder hannert de Kulissen.

Am Laf vun der Versammlung goufen déi verschidde Rapporten presentéiert. De Sekretärin huet d'Aktivitéite vum Joer nach eemol zesummegefaasst, sowéi och een Réckbléck op déi ganz Saison vum Marie gemaach, wärend de Keessier en detailléierten Iwwerbléck iwwer d'Finanze ginn huet. D'Memberen hunn de Verantwortleche fir hir Aarbecht Merci gesot an d'Rapporte goufen eestëmmeg ugeholl.

Och d'Zukunft war en Thema: Fir dat kommend Joer si schonn eng Rei Aktivitéiten an Ënnerstëtzungsaktioune geplangt, fir d'Marie weiderhin op hirem sportleche Wee ze begleeden. De Supporterclub wëll dobäi weiderhin eng wichteg Roll spillen, fir d'Begeeschterung ronderëm de Cyclissem an d'Leeschtunge vun der Sportlerin ze deelen.

Zum Ofschloss vun der Generalversammlung gouf och dëst Joer erëm eng solidarësch Aktioun ëmgesat: De Supporterclub huet e Scheck vun 1.000 Euro un d'Associatioun Les Tandems de la Vue iwwerreecht. Dës engagéiert Asbl organiséiert Vëlostouren a fiert mat Tandemen zesumme mat Leit, déi net méi gesinn oder eng Séibehënnerung hunn, a mécht esou de Cyclissem fir jiddereen zougänglech.

D'Versammlung ass an enger frëndlecher an motivéierender Atmosphär op en Enn gaangen, bei engem gemittleche Patt an engem klengen Häppchen.








# Gebakene Fësch fir Karfreideg 04.04.2026

Dat traditionellt Fëschbaken dat vun der Amicale Pompjeeë Préizerdaul op Karfreiden organiséiert gëtt, war dëst Joer nees e groussen Erfolleg. Net manner wéi 250 Fësch sinn deen Dag gebak ginn. Vill Leit vun no a weit ware komm, fir sech de Fësch- Filet oder eng Forelle mat heem ze huelen oder am Pompjeesbau zesumme mat Fritten an Zalot engem Dessert a Kaffi gutt schmaachen ze loossen. Et war e flotten Dag wou d'Amicale vun de Pompjeeë Préizerdaul vill Aarbecht haten an och jidderengem Merci soe fir d'Kommen an di ganz gutt Zesummenaarbecht.










# D'Amicale vun de Pompjeeë Préizerdaul mat neie Jugendlechen

Am Virfeld vun hirer dësjäreger Generalversammlung, huet d'Amicale vun de Pompjeeë Préizerdaul um Dag vum 1. Mee traditiounsgeméiss de Meekranz, gerëscht mat frëschem Laf, fir duerno um Embleem vun de Pompjeeë bei hirem Bau zu Platen opzehänken. No dësem Event sinn d'Memberen zesumme komm, fir un der 176. Joreshaaptversammlung deelzehuelen. No senge Wierder vu Wëllkomm, huet de President Paul Janssen drop gehalen, fir jidderengem Merci ze soen, fir déi gutt Zesummenaarbecht bei allen Manifestatiounen déi vum Veräin mat der Jugendmannschaft am Laf vum Joer zu engem groussen Erfolleg bäigedroen hunn. Ganz frou war de President iwwert den Tun Clausse an den Pol Seidel, zwéin nei aktiv Jugendlecher déi dem Veräin am Laf vum Joer bäigetruede sinn. Duerno huet de Sekretär Karsten Küpper déi vill Aktivitéiten, wéi Buergbrenne mat Fakelzug, Fëschbaken, der Kirmesham niewent verschidden Ausgäng an der Gemeng an doriwwer hinaus, Komiteessitzungen, a Versammlungen, Revue passéiere gelooss. Aus dem detailléierten Finanzbericht vum Anne- Marie Faber war ze bemierken, dass d'Amicale trotz Ausgabe vun ëmmerhin 29 800 Euro, dorënner e Scheck vun 5 000 euro nach ëmmer gutt opgestallt ass. Déi exakt Buchführung vum Jos Bormann a Charel Reiser ass och als einwandfrei bestätegt ginn. Ouni Kommentar si sämtlech Beiträg och guttgeheescht ginn. Beim Punkt Verschiddenes koumen och interessant Propositiounen an Iddien zur Sprooch, déi och vum Kommitee mat vill Interessi zur Kenntnis geholl gi sin. Mat engem gudden Teller gefëllt mat Spezialéitéite vum Grill, huet dësen Dag a flotter Komerodschaft säi würdegen Ofschloss fonnt.

Fotoen: Charles Reiser













# Een neit Kapitel fir de „Musée Michel Lucius“: Veräinsgrënnung

A klenge Kader, mee mat grousser Motivatioun, gouf den 18. Mee 2026 am Musée Michel Lucius zu Rëmerech offiziell en neie Veräin fir d'Leedung vum Geologie-Musée gegrënnt. Interesséiert Leit aus der Gemeng Préizerdaul sinn zesummekomm, fir gemeinsam de Grondstee fir déi zukünfteg Weiderentwécklung vum Musée ze leeën.

D'Neigrënnung fält dobäi an e besonnescht Joer: 2026 markéiert den 150. Gebuertsdag vum Michel Lucius. Passend zu dësem Jubiläum soll de Musée nei opliewen. Zil vum Veräin ass et, de kulturellen an historesche Patrimoine ronderëm de Michel Lucius erëm sichtbar ze maachen an de Musée als lieweg Begéinungs- an Erënnerungsplaz an der Regioun ze stäerken.

Duerch den Owend huet de Jos Bormann gefouert, deen de Musée wärend ville Jore mat groussem perséinlechem Engagement fräiwëlleg betreit huet an dës Aufgab gréisstendeels eleng iwwerholl hat. Besonnesch gefreet huet hien sech doriwwer, datt elo verschidden Interesséiert bereet sinn, sech aktiv anzebréngen an de Musée an Zukunft gemeinsam weider ze droen. Dobäi waren och de Karsten Küpper, Koordinator vum Pakt vum Zesummeliewen, souwéi verschidden interesséiert Awunner*innen, déi direkt Grënnungsmembere vum neie Veräin goufen.

De Buergermeeschter Marc Gergen huet a senger Usprooch betount, datt et him e besonnescht Uleies gewiescht wier, bei dëser Grënnung perséinlech dobäi ze sinn. Grad an enger Zäit, an der vill Veräiner opgeléist ginn oder Schwieregkeeten hunn, Nowues ze fannen, wier et besonnesch schéin ze gesinn, datt sech Mënsche mat gemeinsamen Interessen zesummefannen an esouguer en neie Veräin gegrënnt gëtt. D'Gemeng Préizerdaul ënnerstëtzt dëst Initiative a freet sech iwwer dat neit Engagement.

Eréischt duerch de LEADER-Projet „Geschichteland: Muséeën am Wëlle Westen“ koum nei Dynamik an d'Weiderentwécklung vum Musée. D'Céline Lanners huet e kuerzen Abléck ginn an d'Aarbechten déi bis elo ëmgesat gi sinn, weider geplangte Schrëtt an d'Méiglechkeete, wéi de Musée Michel Lucius an Zukunft dovunner profitéiere kann.

Mat der Veräinsgrënnung fänkt elo en neit Kapitel fir de Musée Michel Lucius zu Rëmerech un – gedroe vu fräiwëllegem Engagement, regionaler Zesummenaarbecht an dem gemeinsame Wonsch, Geschicht lieweg ze halen.

Text: Céline Lanners, Fotoen: Charles Reiser



De Comité besteet aus:
Präsident : Jos Bormann
Sekretär : Karsten Küpper
Caissier : Dirk Leistico
Member : Enzo Colamonaco

Mir sin am Moment zu 7 Memberen, wiiren awer frou iwert all weidere Member. Mellt Iech beim Präsident (borjo@pt.lu).



## Saison 2025-2026:



Ekipp Jeunes

Eng duerchwuesse Saison 2025-2026 geet op en Enn.
Mat 21 Podiumsplazen op nationalen Tournoien, 13 Medailen op der Nordmeeschterschaft an zwou Bronzemedailen op der Landesmeeschterschaft hu mir staark individuell Resultater erreecht.

Och bei den Ekippe goufen et bemierkenswäert Leeschtungen: Eis Jugend huet déi 2. Plaz an der Coupe des Jeunes erreecht, an eis éischt Cadets-Ekipp konnt d'Saison un der Spëtzt vun der Tabell ofschléissen.

Am Seniors-Championnat gouf et no enger ganz staarker Hironn eng méi duerchwuesse Réckronn. Wéinst personelle Problemer hu vill Ekippe misse méi schwaach optrieden, wéi si et gewinnt waren. Doduerch huet keng Ekipp et gepackt, sech fir déi nächst Saison fir eng méi héij Divisioun ze qualifizéieren.

Preizerdaul 1 huet eng staark Saison hanner sech a konnt dës op der 3. Plaz ofschléissen. Leider ass dëst ganz knapp net fir den Opstig duergaang.



**Preizerdaul 1**
v.l.n.r: Dijou Jean-Marc, Singeorzan Bogdan, Ferber Foos, Pettinger Fernand

## Saison 2026-2027:

No der Saison ass virun der Saison. Genee no dësem Motto si mir scho voll an de Preparatioune fir déi nächst Saison am September.

Zënter dem 1. Mee hu mir eist Trainerteam ëm e weidere Trainer verstäerkt. De Marc Closset ass als Vize-Weltmeeschter mat der Ekipp 2001 mat der Belsch, an als fréiere belschen Nationaltrainer eng wäertvoll Verstäerkung fir eise Veräin.

Hien iwwerhëlt ab elo zesumme mam Bogdan d'Kanner-, Jugend- a Seniorstrainingen, déi Méindes an Donneschdes stattfannen. Doduerch kënne mir eis Memberen nach besser individuell fërderen an op hirem sportleche Wee begleeden.

Eis Trainingen am Iwwerbléck:

**Méindes an Donneschdes:**
**Kanner ab 6 Joer: 17:30 - 19:00**
**Jugend & Senior: 19:00 - 21:00**
Trainer: Bogdan Singeorzan
& Marc Closset

**Mëttwochs:**
**Ekipp 1: 19:45 - 22:00**
Trainer: Gleb Shamruk

**Samschdes:**
**Kanner ab 6 Joer: 10:00 - 11:30**
**Jugend & Senior: 10:00 - 12:00**
Trainer: Zlatko Rajcic

**Loscht op Dëschtennis? Komm op den Training!**



Déi nächst Saison fänkt de 19. September un an do starte mir mat
- 9 Seniors Ekippen
- 2 Cadets Ekippen
- 1 Damen Ekipp

**www.dtpreizerdaul.com**

**dtpreizerdaul** **D.T. Préizerdaul** **@DTPreizerdaul** **dt.preizerdaul@gmail.com**


Tierkel um Spiess
vum RACING TEAM POWER BULLS
12. Juli 2026
Street Festival
Rëmmerig (Préizerdaul)
Reservéiert elo!
Tierkel: 25 €
Grillteller: 20 €
Bezuelt ass reserveiert
LU21 0030 2911 6207 1000
Restaurant
New Hong Kong
101, rue principale
Platen L-8611
691258968 (Payconiq)
powerbullsracingteam@gmail.com


15.08.2026
Rambrouch
VIRLESCHTE LAF
VUN DER SAISON
2026
89
Entrée : 12€
Virverkaf : 10 €
1. Start: 14H00
Mir verwierklechen ären Dram!
FLEURS VRY
HELLANGE - LUXEMBOURG
Pit Stop Lux
STUDIO CREATION
CLEAN 4 YOU
Marlène
THIERRY
Änder
PAUL KIEFFER
COIFFER
D'Wullmaus s.à.r.l
Mazzo
96 Rue Principale
L-8606 Bettborn
organiseiert vum Racing Team Powerbulls
www.stock-cars.lu
Kanner ënner 12 Joer gratis Entrée


20 Joër Racing Team Powerbulls
13.09.2006 - 13.09.2026
13.09.2026
Rambrouch
Entrée : 12€ Virverkaf : 10 €
1. Start: 14H00
DE BAUUERM
FLEURS VRY
HELLANGE - LUXEMBOURG
Pit Stop Lux
CLEAN 4 YOU
PAUL KIEFFER
COIFFER
organiseiert vum Racing Team Powerbulls
www.stock-cars.lu
Kanner ënner 12 Joer gratis Entrée




Réidener Loisir-Volleyball
LOSCHT OP VOLLEYBALL?
Mir sichen nach Spiller*innen!
Freides 19:30 - 21:30
an der Réidener Sportshal
Kontakt:
conrardysonja@outlook.de
661903438

Nom Galaconcert vum 7. Mäerz ass bei der Préizerdauler Musik vill um Programme bis zur Summervakanz.

Als Musik si mir stolz, eis ëmmer erëm aktiv um kulturellen Duerfliewen ze bedeelegen an hoffen och op eisen zukünftigen Aktivitéiten all Leit un Hand vun eiser Musik e bëssche Freed, Rouh a Gléck ze iwermëttelen.

Guy Jemming, Sekretär

# Ouschteren am Préizerdaul 06.04.2026

Zum feste Bestanddeel vun eisem Programme gehéiert de Concert Aperitif, Ouschterméindeg, de 6. Abréll am Zelt vun 11.30 bis 12.30 Auer. Als Musik si mir ee vun de Veräiner, deen dëst Fest „Ouschteren am Préizerdaul“ mat organiséiert an duerchféiert.



# Meekranz 01.05.2026

Un der Traditioun vum 1. Mee mam Banne vum Meekranz hale mir fest. Moies gi mir an de Bësch 3 Kränz bannen, an hänken dono feierlech mat engem klenge Ständchen beim Kaffe „Beim René“, beim Restaurant „An der Roudbach“ an iwert der Haaptdier vun der Gemng ee Kranz op.





# Mäerzeger Musik 09.05.2026



D'Mäerzeger Musik invitéiert eis, Samschdes, de 9. Mee, op hirem Parkfest am Nomëtteg ee flotte Concert ze spillen. Dëse Moment ass fi r eis eng frëndlech Verbonnenheet mat der Mäerzeger Musik, ëmsou méi, wëll och Member vun eiser Musik zu Mäerzeg als Musikant aktiv sinn.

# Op Besuch an der Primärschoul 13.05.2026

Den 13. Mee gi mir an d'Primärschoul. Mir fannen et ganz wichteg, de Schoulkanner am jonken Alter de Spaass an d'Freed un der Musik nozebréngen. De ganzen Dag kommen no a no d'Schoulklassen an de Festsall, lauschtere vun eis puer kleng Lidder, a si ganz begeeschtert, eemol kënnen an een Instrument ze blosen oder op der Batterie ze spillen. Sou motivéiere mir d'Kanner, sech fir d'Musik z'intresséieren an hoffen doduerch dee sou wichtegen Nowuess fir eis Musik ze fannen.













# Ee Bam fir d'Esther Triniane 23.05.2026

Eisen neigewielte Gemengerotsmember Esther Triniane kritt vun den Duerfveräiner den 23. Mee ee Bam geplanzt. Op engem feierlech geréschte Won fuere mir Mëttes duerch eis Uertschaften, spille lëschteg Lidder, a begleeden d'Bamplanzen am Esther sengem Gaart mat 2 klenge Musiksstécker. Mir si ganz houfreg, bei dësem Fest dobäi ze sinn, wëll d'Esther ee Musikant vun eis ass.







# Summerfest vun der Hierbermusik 24.05.2026

Sonndes, de 24. Mee si mir op Hierber agelueden. Um Summerfest vun der Hierbermusik presentéiere mir ee flotte Programm als Concert Aperitif, an erlaben et domat, de Leit vum Fest eng gemitterlech Zäit ze verbréngen an hiren Apero virum Iesse mat agreabeler Musik ze genéissen.







# Päischtméindeg 25.05.2026

Sou wéi scho säit ganz laange Joren hu mir d'Freed, no der Mass zum hellege Rochus fir d'Bäcker an d'Mëllermeeschter, Päischtméindeg, de 25. Mee bei der Kapell zu Rëmerech ee Concert z'offréieren an domat dëst Treffe musikalesch ze verschéineren.



# Päischtdënschdeg 26.05.2026

Zesumme mat der Musik vun der Nopesch Gemeng Groussbus-Wal huele mir Päischtdënschdeg , de 26. Mee un der Sprangpressioun zu Iechternach deel.



# Afrikafest 05.06.2026

D'Maison Relais, ënnert der dynamischer Leedung vum Arlette Hoffmann,  organiséiert de 5. Juni een Afrikafest zu Gonschte vum Benin. Mat vill Stolz spillen eis Startmusikanten 2 kleng flott Lidder eleng, 1 gemeinsaamt Lidd mat der grousser Musik, déi dono nach 2 Lidder mat afrikaneschem Touch offréiert.



# Rees op Bréissel 07.06.2026

Fir de Musikante Merci ze soe, fir hiren onermiddlechen Asaz, fuere mir Sonndeg, de 7. Juni op Bréissel. Mir besiichtegen de „Musée des instruments de musique", kréie vun engem sympatheschen Guide wärend 2 Stonnen ee kuerzen Abléck an d'Geschicht vum Zentrum vu Bréissel mat dem Stadhaus op der grousser Plaz a kucken eis ee vun den 1160 Kostümer um Mänekepiss un. Mat engem gemitterlechen Iessen, ënnerwee fir Heem, schléisse mir dee léierräichen an intressanten Dag fir eis alleguer ganz zefridden of.





**GEMENG PRÉIZERDAUL**
**3, rue de la mairie**
**L-8606 BETTBORN**
**Tél. : 266 299 100**
**secretariat@preizerdaul.lu**
**www.preizerdaul.lu**

**COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS**
**Entrevue sur rendez-vous, contactez le secrétariat**
**Tél. : 266 299 115**

**GERGEN Marc**
Bourgmestre
GSM : 691 65 49 47
mgergen@preizerdaul.lu

**REHLINGER Marc**
Échevin
GSM : 621 27 45 70
mrehlinger@preizerdaul.lu

**MULLER Fernand**
Échevin
GSM : 691 84 45 18
fmuller@preizerdaul.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@preizerdaul.lu
**Horaires :**
**sur rendez-vous**

**WOLFF Raymond**
Secrétaire communal ff.
Tél. : 266 299 115
rwolff@preizerdaul.lu

**KRAUSE John**
Tél. : 266 299 111
jkrause@preizerdaul.lu

**HOFFMANN Arlette**
Tél. : 266 299 190
ahoffmann@preizerdaul.lu

**RECETTE COMMUNALE**
**Horaires :**
**lundi à vendredi : 08h00-12h00**
**lundi et mercredi : 13h00-16h00**

**KAUFMANN-ORIGER Astrid**
Tél. : 266 299 120
aoriger@preizerdaul.lu

**POPULATION / ETAT CIVIL**
**HANSEN Véronique**
Tél. : 266 299 140
vhansen@preizerdaul.lu

**Horaires :**
**lundi :** 14h00-19h00
**mardi :** 08h00-12h00
après-midi : sur rendez-vous*
**mercredi :** 07h00-12h00
**jeudi :** 08h00-12h00
après-midi : sur rendez-vous*
**vendredi :** fermé

*** Rendez-vous : rdv@preizerdaul.lu**

**SERVICE TECHNIQUE**
**Horaires :**
**sur rendez-vous**

**GUYOT Nicolas**
Tél. : 266 299 150
GSM : 691 141 500
nguyot@preizerdaul.lu

**HILGER Roger**
Tél. : 266 299 130
GSM : 691 143 189
rhilger@preizerdaul.lu

**MARINHO Kevin**
Tél. : 266 299 155
GSM : 691 322 783
kmarinho@preizerdaul.lu

**ATELIER COMMUNAL**
**Chef ouvrier :**
**ORIGER Philippe**
Tél. : 266 299 160
GSM : 691 872 146
atelier@preizerdaul.lu

**CENTRE CULTUREL „Op der Fabrik"**
**Horaires :**
**sur rendez-vous**

**DELLERÉ Laurent**
GSM : 621 141 629
portier@preizerdaul.lu

Réservation salles :
Tél. : 266 299 120

**GARDE FORESTIER**
**VAN RIJEN Mike**
GSM : 621 202 199
mike.van-rijen@anf.etat.lu

**SCHOUL PRÉIZERDAUL**
**HUBER Nicole**
Présidente
GSM : 691 345 719
nicole.huber@education.lu

**MAISON RELAIS**
**ANTONY Patrick**
Chargé de direction
Tél. : 266 299 230
pantony@preizerdaul.lu

## Opléisung vum Feelersichbild

**Feelersichbild**



**Kreuzworträtsel**

Lösungswort:
SOMMERFERIEN



# Street Festival

**Op 3 Bünen Opträtter ronderëm d'Auer**

## SONNDEG, DE 12. JULI 2026

**vun 11:00 bis 18:30 Auer**

zu Rëmmerig am Préizerdaul

- éis Hobbykënschtler présenteieren hiren : Hobbymaart mat Virféierungen
- participatioun vum Policemusee
- Ausstellung : Harley Davidson, historesch Oldtimer, vintage Notzgefierer an Model Trucks
- op 3 Bünen : Live-Music-Event
- XXL-Sprangschlässer fir d'Kanner

**Fir lessen a Gedrénks ass beschtens gesuergt !**

GEMENG PRÉIZERDAUL

DAULER ATELIER asbl

Hobby Kënschtler Lëtzebuerg

Organiséiert vun: **Dauler Atelier asbl** an **Hobbykënschtler Lëtzebuerg asbl** www.hobbykl.lu mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Préizerdaul